ciné orion

# FILMDEEG

25.10.24 - 28.02.25

## Lëtzebuerg am zweete Weltkréich

De Ciné Orion zu Elwen lancéiert Filmdeeg iwwert Lëtzebuerg am zweete Weltkréich.
Den Entrée ass fräi.
D'Séancë fänken em 20:00 an.

Nom Film gëtt ët ee Patt. Mer stellen eng Këst op wu der eng kleng Bedeeligung fir d'Finanzéierung van deenen Owenter kannt dra leeën.

MERCI

# Heim ins Reich

## 25.10.2024

Dësen Dokumentarfilm verzällt di schwiier Zékt di Lëtzeburrig durrichgemaat hatt,
wärend der däitscher Besetzung vam 10. Mai 1940 bis den 10. September 1944.
Mat Archivbilder, Témoignagen va Betraffenen a fiktive Spillszenen.


Dauer: 118 min.




# Schacko Klak

## 01.11.2024

De Film verzällt d'Geschicht vam klenge Chrëscht, 11 Joer, wärend der däitscher Besetzung.




Alles am Jung sengem Duarref kippt wi d'Gestapo all Häiser no Refraktären durrichséicht.

Dauer: 89 min.

# 15.11.2024

# Déi Zwéi vum Bierg

De Mill an de Välten liäwwen an engem klengen Duarref am Eislék. Wi d'Preisen d'Land am Mai 1940 besetzen, ännert vill fir si.

Am Film gesi mer den Alldaag wärend der Besetzung: Konfiskatiounen, Demütigungen, d'Gefoer agezujen ze giän, Déportatiounen, Resistenz a Kollaboratioun.

Dauer: 176 min.




# 16.12.2024

An dësem Dokumentarfilm gesi mer watt di dräi ischt Deeg van der Ardennenoffensiv zu Cliärref geschéit ass. Nom Film kënne mer mat Lékt van der CEBA ( Cercle d'Etude sur la Bataille des Ardennes) iwwert di schwiier Zékt schwätzen.

Dauer: 52 min.




# ALAMO zu Cliärref

# 27.12.2024

# Réfractaire





Wi de François am Mai 1944, no Studien an Däitschland, zréck an d'Land kënnt, stellt sich fir heen eng schwiirig Froj: an d'Wehrmacht goen, oder als Refraktäre an d'Resistenz goen?

Dauer: 100 min.

# Emil 17.01.2025

Am Summer 1943 sën di zwee Refraktären Emil a Felix op der Flucht viran de Preisen. Bäi enger Kontroll erschéisst den Emil zwee däitsch Polizisten an de Felix gëtt o erschoss. Den Emil verstoppt sich an der Géigend van Eschduarref an Heischent. 500 preisisch Polizisten an Zaldoten durrichkämmen d'Géigend fir den Emil an anner Refraktären ze fannen.

Dauer: 115 min.




# 07.02.2025

# Heemwéi - eng Odyssee




Frankräich am September 1944. Die zwee Zwangsrekrutéiert Jos a Frenz décidéieren ze desertéieren. De Film erzällt hir lang a penibel Heemreess.

Dauer: 99 min.

2 Filmer **28.02.2025**

viram gruusse Film

# Lëtzebuerg ass fräi

Dokumentär van 1945 iwwert d'Befreiung va Lëtzeburrig, vam 10. September 1944 bis de 17. Februar 1945, wann di letzt preisich Truppen sich zréckzéijen.

Dauer: 17 min.

&




# Eng nei Zäit

Am Februar 1945 kënnt de Jules heem aus dem fransiische Maquis. Hee probéiert sich rëm eent neit Liäwwen opzebauen. Durrich säi Schwoer kënnt de Jules an d'Gendarmerie an do gëtt en an eng Enquête van engem 5fache Mord verwéckelt.

Dauer: 100 min.

lys illustrations
www.lysdifferding.com